adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 AVR. 2019
C 44

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. Abrëll 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

D'ASBL'e si gehalen, all Joer beim „Registre de Commerce des Sociétés" eng Lescht ofzegi mat de jeeweilegen Ännerungen an dëst muss an elektronescher Form agereecht ginn. Dës Areechung an elektronescher Form, déi all ASBL eng Kéier am Joer soll maachen, ass awer relativ komplizéiert an zäitopwänneg. De Service Helpdesk ass zwar ganz behëlleflech, fir déi eenzel Veräiner bei dëser Prozedur ze begleeden, mee trotzdeem huele bei dëser dach komplizéierter Areechung mengen Informatiounen no vill Veräiner eng professionell Hëllef an Usproch oder loossen d'Ännerunge sur place an der Stad maachen, wat dee Moment awer mat zousätzleche Käschte verbonnen ass. Bei de Banken, wou jo och eng héich Sécherheet muss garantéiert ginn, ass d'Prozedur fir Ännerungen - z.B. vun engem ASBL-Konto - virzehuelen, vill méi einfach an et brauch ee kee PC, deen op dem leschte Stand vun der Technik ass an zousätzlech Spezial-Programmer.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister :

1. Wär et net am Sënn vun der „Simplificatioun administrativ" fir hei eng Vereinfachung anzeleeden?
2. Wa jo, wéi géif dës Vereinfachung ausgesinn a fir wéini ass mat der Ëmsetzung ze rechnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten